N°3609
Entrée le 04.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°3609 vum 6. Februar 2026 vun der honorabelen Deputéierten Madamm Claire Delcourt iwwert "Lutte contre le frelon asiatique et soutien aux particuliers par les communes".**

**Wéi vill Privatleit hunn d'lescht Joer d'ANF kontaktéiert fir Näschter vun der asiatescher Runn ewechzemaachen?**

D'ANF féiert keng Statistik iwwert déi Meldungen.

**Ginn et Gemengen, déi an hirem Budget Mëttel virgesinn hunn, fir Privatleit bei der Eliminatioun vun Näschter vun der asiatescher Runn finanziell ze ënnerstëtzen? Wa jo, wéi vill Gemengen hunn esou Moossname virgesinn? Wéi vill Mëttel hunn déi vereenzelt Gemenge fir esou Fäll ageplangt?**

Aus de Gemenge-Budgeten ass net ersiichtlech ob a wéivill Mëttel eenzel Gemengen eventuell heifir bereet stellen.

**Hunn eenzel Gemengen oder Gemengesyndikater Konventioune mat private Firmen déi op d'Detektioun an d'Eliminatioun vun den Näschter vun der asiatescher Runn spezialiséiert sinn? Wa jo, ëm wéi vill Konventioune geet et, a wéi eng Déngschtleeschtungen si konkret ofgedeckt (Detektioun, Eliminatioun, Contrôle de suivi)?**

De Ministère huet keng Donnéeën zu esou Konventiounen.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit